


De Fräschewee

Maison Relais Ell

Maison Relais "Um Fräschepillchen"
27, Hauptstross
L- 8530 Ell

Responsabel: **Mme Caroline Brouart**
Kontakt: maisonrelais@ell.lu
<https://www.ell.lu/maison-relais>

Am Kader vun der Initiativ:



ECKDATEN ZU DER MAISON RELAIS:

D' Maison Relais:

- läit matten am Duerf, direkt bei der Schoul an nieft der Gemeng
- ass d' ganz Joer op, vu Méindes bis Freides, jee weils vu 07:00 bis 19:00 Auer
- et sinn +- 100 Kanner am Alter vun 3 bis 12 Joer ageschriwwen
- et sinn ongeféier 2 km vun der Maison Relais bis bei de Fräschewee

ECKDATEN ZUM PROJET

Zäitraum vum Projet: **Mee bis Oktober 2021**

Kanner déi um Projet deelgeholl hunn: **+- 60 Kanner am Alter vu 4-12 Joer**

ErzéierInnen déi mat agebonne waren: **10 ErzéierInnen**

Längt vum Fräschewee: **~ 4 km**

Weeschelder déi gemoolt an opgestallt gi sinn: **20 Fräscheschëlder**

Offiziell Aweigung vum Fräschewee: **9. Oktober 2021**

Budget dee benotzt gouf: **492,69 €**



Service national
de la jeunesse

DE PROJET

De Projet „De Fräschewee“ huet säin Ursprung an der Covid 19 Pandemie. Well si an der Zäit vill an de Bëscher an der Géigend ënnerwee waren, ass d' Iddi entstanen en Trëppeltour an der Gemeng Ell ze gestalten. D' pedagogesch Equipe huet hir Iddi am Schäfferot virgestallt an si kruten d'Geneemegung an och d' Ënnerstëtzung vun der Gemeng fir dëse Projet ze realiséieren.

Dësen Trëppeltour sollt net nëmme fir d' Kanner aus der Maison Relais sinn, mee fir jiddereen dee Loscht huet en Tour duerch de Bësch ze spadséieren. Dofir goufe Weeschëlde, e Panneau mat Erklärungen am Ufank vum Wee an e Bësch-Bingo geplangt, fir d' Trëppelen um Fräschewee nach méi interessant ze gestalten. Ausserdeem sollt och eng bestoend Picknickplaz mat an de Wee integréiert ginn, sou dass dës flott Plaz mat Bongert, Dëscher a Bänken, méi am Duerf a ronderëm bekannt gëtt.

D' OBJEKTIVER VUM PROJET

„Mit den Kindern „draußen sein“ ist eine Gelegenheit des Zusammenseins und des gemeinsamen Erlebens und bildet eine Grundlage des sozialen Lernens. Entdeckungsgänge innerhalb des Gemeindegebietes regen zur Erkundung des Heimatortes aus der Perspektive der Kinder an.“

Nationaler Rahmenplan zur non-formalen Bildung im Kindes- und Jugendalter (2021) S.30

D' Haptzil vum Projet war et, vill Zäit mat de Kanner dobaussen ze verbréngen an hinnen dobäi d' Natur an d' Ëmwelt méi nozebréngen. D' Kanner sollen de Wee fir déi zukünftige Wanderer präparéieren, dat heescht souwuel de Knascht dee ronderëm läit ewechmaachen, wéi och de Wee vun Onkraut a Gestrëpps befreien. Dobäi léieren si de sécheren Ëmgang mat Aarbechtsgeschier, wéi z.B. dem Secateur awer och der See, mat där si d' Pél fir d' Weeschëlde op Mooss seeën. Fir d' Weeschëlde ze fabrizéieren, léieren si ausserdeem och nach den Ëmgang mat der Schläifmaschinn.

Doduerch datt d' Kanner sech selwer ëm d' Opbotzen an d' Gestaltung vum Wee këmmen, ginn si responsabiliséiert fir de Wee an domat och d' Natur weiderhi propper an a guddem Zoustand ze halen. Mat dësem Projet kënnen si och Ausdauer an Engagement fir e Projet duerchzezéien léieren.





OFLAF VUM PROJET

Fir d' éischt sinn si puermol an de Bësch gaange fir sech en alen, zum Deel zougewuessene Wee mat de Kanner unzekucken an zesummen Iddien ze sammelen, wéi een den Trëppeltour gestalte kéint. Dobäi hunn si och schonn ugefaangen de Wee opzebotzen. Duerno hunn d' Kanner zesummen no engem Numm fir hiren Trëppelwee gesicht an sech schlussendlech fir "De Fräschewee" entscheet, well d' Maison Relais "Um Fräschepillchen" heescht. Doduerch war och schnell decidéiert, datt op d' Schëlde fir de Wee ze markéieren, Fräsche géife gemoolt ginn.

„Nicht nur in der Interaktion zwischen Erwachsenen und Kindern bzw. Jugendlichen, sondern besonders innerhalb der Peergruppe trägt das gemeinsame Erleben und Erforschen wesentlich zu einem vertieften Verständnis und Kompetenzerwerb bei. In Interaktionen mit ihrer Umwelt lernen Kinder und Jugendliche miteinander und voneinander. In ko-konstruktiven Settings bringen sie sich und ihre Anliegen aktiv ein.“

Nationaler Rahmenplan zur non-formalen Bildung im Kindes- und Jugendalter (2021) S.21



An all Cycle hunn d' Kanner sech Gedanke gemaach, wat si zum Projet kéinte bäidroen. Si hunn hir Iddie gesammelt an sech da gemeinsam fir eppes entscheet. Sou huet de Cycle 1 eng Sëtzbänk mat neie Brieder, op deenen si hir Hännofdréck gemaach hunn, rëm benotzbar gemaach. De Cycle 2 huet en Insektenhaus gebaut an d' Spill "Himmel an Hölle" fir op de Wee präparéiert. De Cycle 3 huet Figuren aus Holz gebastelt fir laanscht de Wee. De Cycle 4 huet Vullenhaiercher, d' Weeschëlde a verschidden aner Schëlde hiergestallt. Well si sech fir hire Wee an d' Propperhale vun der Natur responsabel fillen, hunn si ausserdeem decidéiert en extra Schëld fir d' Picknicksplaz ze maachen, op deem Leit drun erënnert ginn dës Plaz propper ze halen.

Am Summer sinn d' Kanner an de Bësch aus ale Bamstämme Péil seeë gaangen, wou een d' Fräscheschëlde fir de Wee ze markéieren dru festmaache kann an si hunn de Rescht vum Wee fäerdeg opgebotzt. Während de Summeraktivitéiten ass fläisseg weider un de Schëlde a Bastelaarbechte fir de Wee geschafft ginn an all d' Saache fir de Bëschbingo goufe virbereet. Am September sinn d' Kanner dunn zesumme mat de Gemengenaarbechter an de Bësch gaange fir d' Weeschëlde an all déi aner Saachen, déi si gebastelt a gebaut hunn, um Wee opzeriichten.

Den 9. Oktober war déi feierlech Aweiung vum Fräschewee a Presenz vun de Kanner, hiren Elteren, der pedagogescher Equipe an de Gemengeverantwortlechen.

SCHLÜSSELMOMENTER VUM PROJET

Dee flottsten Deel fir d' Kanner a fir dat pedagogesch Personal war wéi de Wee fäerdeg war an en offiziell a Presenz vun hire Familljen an de Gemeengeverantwortelegen ageweit ginn ass. Bei schéine sonnegen Hierschtwieder haten d' Kanner d' Geleeënheet hiren Elteren an och deenen aner Invitéeën hir Aarbecht vun de ganze Méint ze presentéieren. All zesumme sinn si déi éischt Hallschent vum Wee getrëppelt an an der Mëtt vum Wee, op der Picknicksplaz, gouf bei engem Eierewäin a Limonade op de Wee ugestouss. No enger Stärkung mat enger gudder Zopp ass dunn de Rescht vum Wee an Ugrëff geholl ginn.

E weidere flotte Moment fir d' Kanner war d' Summervakanz, wou si a Rou an ouni Stress un hire Saache schaffe konnten an och vill mat der Schläifmaschinn schaffe konnten. Dat war Pandemie bedéngt während dem Schouljoer net ëmmer méiglech. Si waren ausserdeem och ganz houvreg, wéi si all hir Aarbechte mat de Gemengenaarbechter an de Bësch opriichte konnte goen.

CHANCEN AN ERAUSFUERDERUNGEN

Eng vun de gréissten Erausforderunge fir si war d' Pandemie an datt si doduerch a feste Gruppe pro Cycle hu misse schaffen, an net sou wéi gewinnt nom oppene Konzept. Doduerch war d' fräi Auswiele vun den Aktivitéite fir d' Kanner net ëmmer garantéiert an d' Schaffen um Projet gouf doduerch och ëfters ageschränkt.

„Die Teilnahme an den Aktivitäten und Projekten in Einrichtungen der non-formalen Bildung ist freiwillig. (...) Dadurch ist eine erhöhte intrinsische Motivation und Partizipationsbereitschaft gegeben.“

Nationaler Rahmenplan zur non-formalen Bildung im Kindes- und Jugendalter (2021) S.25

Well awer eng ganz Rei Kanner onbedéngt um Projet deelhuele wollten an si immens motivéiert waren, sinn der vill vun hinne fräiwëlleg an d' Maison Relais komm, fir weider um Bëschprojet ze schaffen.

Souwuel fir d' Kanner, wéi och fir déi pedagogesch Equipe, war et flott e gemeinsame grouse Projet ze hunn, un deem een zesumme schaffe konnt an an dee jiddereen seng Iddie mat aflësse loosse konnt. Fir d' Kanner war de Prozess vum zesummen Iddie sammeln an duerno gemeinsam ze decidéieren, wat een dovun zréckbehält, eng flott Gruppenerfahrung, déi bewierkt huet, datt si sech staark fir de Projet engagéiert a verantwortlech gespuert hunn.





KONKLUSIOUN

De Projet “De Fräschewee” deckt gläich eng Rei Volet'en of, déi eis am Kader vum Appel à projets “Gitt dobaussen aktiv” wichteg waren. Zum engen ass et e Projet un deem d' Kanner aus all Cycle vun der Maison Relais deelhuele kënnen an en eegent sech dofir ganz gutt als Gemeinschaftsprojekt. Des Weidere verbréngen d' Kanner bei dësem Projet vill Zäit dobaussen an si léieren d' Natur ze respektéieren, wäertzeschätzen an ze schützen.

En plus ass de Fräschewee net nëmme fir d' Kanner aus der Maison Relais, mee och fir hir Elteren, hir Geschwëster, hir Famill a Frënn, a fir d' ganz Duerf. Si kruten dofir och d' Ënnerstëtzung vun de Gemengeverantworteche an all dëst valoriséiert d' Aarbecht an d' Engagement vun de Kanner an hiren ErzéierInnen natierlech enorm. D' Kanner hate soumat d' Méiglechkeet en nohaltege Projet ze realiséieren, deen hirer ganzer Communautéit ze gutt komm ass.

En aner Grond firwat eise Choix op dëse Projet gefall ass, ass datt en sech gutt dozou eegent vun aner Crèchen, Maison Relais'en oder Jugendhaiser nogemaach ze ginn. Fir sou ee Wee brauch een net onbedéngt e Bësch an der Noperschaft, et kann een och en eegene Wee duerch säin Duerf oder seng Stad plangen. Mir géifen eis op alle Fall freeën, wann dëse Projet nach vill Noahmer géif fannen.

Der pedagogescher Equipe vun Ell felicitéiere mir fir hir flott Iddi, hiren immensen Asaz déi ganzen Zäit iwwer vum Projet a wënschen hinnen och nach déi nächst Joer vill Freed beim weideren Ausbau vum Fräschewee.

